DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Eng rezent Etüd vum IZES (Institut für ZukunftsEnergie- und Stoffstromsysteme), déi vum Saarlänneschen Ëmweltministère an Optrag gi war, huet de Phosphorgehalt an de Flëss Theel an Ill analyséiert. Si kommen zur Konklusioun, datt net d'Landwirtschaft, mä éischter d'Kläranlage fir d'Phosphorbelaaschtung vun de Gewässer responsabel sinn. D'Etüd seet och, datt déi eenzeg Léisung fir datt d'Ortho-Phosphat-Konzentratioun vun den analyséierte Flëss derzou bäidroe ka fir d'Ziler vun der „Wasserrahmenrichtlinie (WRRL)" ze erreechen, an enger technescher Optimisatioun vun der Phosphorelimінatioun an de Kläranlage läit.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Ass dës Etüd vum IZES der Madamm Ministesch bekannt?*
- *Wann dat de Fall ass, kënnen d'Konklusioune vun dëser Etüd och op Lëtzebuerg iwwerdroe ginn?*
- *Kann d'Ministesch bestätegen, datt och zu Lëtzebuerg d'Landwirtschaft net als Haaptverursaacher vun der Phosphorbelaaschtung ugesi ka ginn?*
- *Wéi héich ass d'Ortho-Phosphat-Konzentratioun an eise Gewässer?*
- *Wéi sinn d'Kläranlagen zu Lëtzebuerg insgesamt technesch ekipéiert fir de Phosphorgehalt am Waasser ze reduzéieren?*
- *Wat sinn d'Grenzwäerter, déi d'Kläranlage respektéiere mussen? Ass virgesinn dës unzepassen?*

- *Weess d'Madamm Ministesch wéi vill Gemenge respektiv Gemengesyndikater plange fir d'Phosphorelimination vun hire Kläranlagen ze verbesseren?"*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten